



**Här Fernand Etgen
President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsministesch weiderzeleeden.

Am Kader vun der Legaliséierung vum Cannabis soll tëschent Dezember 2022 an Abrëll 2023 zu Lëtzebuerg eng detailléiert Studie zum Thema Drogen duerchgefouert gin. Och den Ubau vun Hanf fir medezinesch Zwecker ass geplangt. An dem Kontext géing ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsministesch stellen:

- Wat genee gëtt an der Studie analyséiert?
- Wien ass responsabel fir d'Erhiewen vun den Daten?
- Wéi gëtt déi Etude um Terrain genee duerchgefouert, wéi vill Leit gi gefrot?
- Ginn d'Resultater vun dëser Studie publik gemaach?
 - Wa jo, wéini?
- Wat fir Konditiounen mussen Betriber erfëllen, déi wëllen Hanf fir medezinesch Zwecker ubauen?
- Gin déi Betriber, déi zu den Pionéier vum Hanfubau hei zu Lëtzebuerg gehéieren, bevirdeelegt?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlementaresch Fro N°6381 vum 21. Juni 2022 vun der honorabeler Deputéierte Madamm Martine Hansen

Wat genee gëtt an der Studie analyséiert?

Am Hibleck op déi zukünfteg Reglementéierung vum Cannabis fir net medizinesch Zwecker, ginn d' 'Donnéeën erhiewen déi néideg sinn fir eng entspriechend an nuancéiert Bewäertung vun der Drogensituatioun z'erméiglechen. Et ass och wichteg fir weider Donnéeën virun enger Reglementéierung vum Cannabis ze erhiewen, an eng "Baseline" ze schafen, fir den Impakt vun där neier Reglementéierung bewäerten ze kënnen.

D'Prévalenz an d'Konsummusteren gehéieren zu den Haaptindikatoren, déi vum "Observatoire européen des drogues et des toxicomanies (OEDT)" benotzt gi fir d'Drogensituatioun an Europa ze bewäerten. Dës hëllefen fir den Konsum, d'Risikoperceptioun, d'sozial a gesondheetlech Korrelatiounen ze verstoen, souwéi och d'Konsequenze vum illegalen Drogekonsum. Dës Indikatoren benotzen eng gewëssen Unzuel vun Outils, insbesonnesch probabilistesche Enquêten an der allgemenger Bevëlkerung ("General Population Survey"), déi et erméiglechen fir zouverlässeg, objektiv a representativ Donnéeën ze kréien.

En "General Population Survey" wäert also d'Disponibilitéit vun nationalen Donnéeën a Statistiken iwwer d'Drogensituatioun am Grand-Duché erhéijen.

Wien ass responsabel fir d'Erhiewen vun den Daten? Wéi gëtt déi Etude um Terrain genee duerchgefouert, wéi vill Leit gi gefrot?

Vue dass den Cahier des charges fir dës Studie am Laf vun dësem Summer publizéiert ginn wäert, ass nach nët gewosst wien fir d'Erhiewen vun den Daten responsabel wäert sinn. Och hänkt et vun där zréckbehaalener Methodologie of wéi dës Étude genau um Terrain duerchgefouert ginn wäert an wéi vill Leit gefrot ginn.

Ginn d'Resultater vun dëser Studie publik gemaach? Wa jo, wéini?

D'Resultater wäerten public gemaach ginn. Den genauen Zäitpunkt hänkt awer vum Mandataire of.



Wat fir Konditiounen mussen Betriber erfëllen, déi wëllen Hanf fir medezinesch Zwecker ubauen? Gin déi Betriber, déi zu den Pionéier vum Hanfubau hei zu Lëtzebuerg gehéieren, bevirdeelegt?

Momentan ass eng Analyse juridique amgaangen. Op Basis dovunner wäerten dann och Äntwerten op eng ganz Réi Froen, ewéi z.B déi vun den Konditiounen an och den Auswahlkriterien vun den Produzenten fonnt ginn.

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert